

YOUTHMAG

Le magazine pour le secteur de la jeunesse

ISSN : 2535-9029
printemps/été 2024 N°14



AM FOKUS

Bewegung a gesond Ernährung

VIRGESTALLT

Parkour

OUTIL

de "mOKa"



Mat denger Energie begeeschteren!

**Gëffanimateur
spécialisé**

snj-erliewen.lu



Service national
de la jeunesse

SOMMAIRE

p.08



p.14



p.20



AM FOKUS

Physical literacy	04
Kernelemente der Physical literacy	05
Ausgewählte Aktivitäten des „erliewen“ - Angebots	07
Présentation GIMB	08
Rezepte aus dem Jugendhaus	10
Initiative vum SNJ	11

AGENDA

Les dates à ne pas manquer!	16
-----------------------------------	----

RÉCKBLÉCK

E Kaffi an der Base nautique	14
------------------------------------	----

VIRGESTALLT

Parkour	16
---------------	----

OUTIL

De “m0Ka”	18
-----------------	----

PROJET

BookAthon - Vu Jonker fir Kanner	20
--	----

NEIES VUM SNJ

Centre Cinqfontaines	22
BEE SECURE	22

Impressum:
YOUTHMAG - Le magazine
pour le secteur de la jeunesse

Coordonnées:
Service national de la jeunesse
L-2926 Luxembourg

Rédaction: Service national de la jeunesse,
Direction de la Santé, Jugendhaus Nidderaanwen,
Jugendhaus Schëtter.

Vos suggestions à:
mag@youth.lu

Mise en page:
Graphisterie Générale / Kehlen

Crédits photos: Service national de la jeunesse,
standart.lu, Kaizen Parkour Academy et tous les
autres qui ont été éventuellement oubliés.

Papier: FSC sources mixtes

Impression: Reka

Tirage: 1300 exemplaires

ISSN: 2535-9029

Édition printemps/été 2024

La reproduction non-commerciale, non-modifiée et la distribution sont expressément autorisées à condition de citer la source. Imprimé au Luxembourg.

Physical literacy


Laut einem Bericht der Weltgesundheitsorganisation (WHO) über die Europäische Region hatten im Jahr 2022 rund 59% der Erwachsenen Übergewicht, und etwa 30% waren adipös. Unter den Kindern und Jugendlichen ist die Situation ebenfalls besorgniserregend, jedes dritte Kind ist übergewichtig oder fettleibig (29% der Jungen und 27% der Mädchen).

Diese Zahlen verdeutlichen die Dringlichkeit, Maßnahmen zu ergreifen, um die körperliche Gesundheit und das Wohlbefinden der Bevölkerung zu verbessern. Die Förderung der Physical Literacy kann dabei helfen, indem sie Menschen aller Altersgruppen, vor allem aber Kinder und Jugendliche, dazu befähigt, aktiver zu werden und einen gesunden Lebensstil zu führen.

Das Konzept der Physical Literacy geht auf die kanadische Sportwissenschaftlerin Dr. Margaret Whitehead zurück, ist aber inzwischen in vielen Ländern wie Kanada und Australien zu einem wichtigen Bestandteil der Bewegungserziehung geworden. Auch hier in Luxemburg wird die Physical Literacy als zentrale Grundlage des nationalen Rahmenkonzeptes „LTAD – Lëtzebuerg leeft Sport“ dargestellt, und stellt somit die Basis zur Qualitätsentwicklung und Optimierungsansätzen in allen Bereichen der Luxemburger Sport- und Bewegungswelt¹.

Ziel des Konzeptes ist es in diesem Zusammenhang, den individuellen Interessen, Bedürfnissen und Motiven angepasste Umsetzungsmöglichkeiten zu schaffen und dadurch optimale Voraussetzungen für eine lebenslange Teilnahme an Sport- und Bewegungsaktivitäten auf allen Entwicklungs-

und Altersstufen zu setzen. Hierdurch soll der Grundstein für eine aktive Gesellschaft gelegt werden, in der jeder seinen Platz findet. Somit sind in der Physical Literacy die Bewegungsfähigkeiten nicht nur als isolierte Fertigkeiten zu betrachten, sondern als Teil eines größeren Ganzen, das auch Verständnis, Motivation und die Fähigkeit zur aktiven Teilnahme umfasst. Ähnlich wie die Alphabetisierung den Zugang zu Wissen und Bildung ermöglicht, soll Physical Literacy Menschen dazu befähigen, sich körperlich auszudrücken, zu bewegen und an einer Vielzahl von körperlichen Aktivitäten teilzunehmen.



DEFINITION "PHYSICAL LITERACY"

„Physical literacy ist die Motivation, das Selbstvertrauen, die physische Kompetenz, das Wissen und das Verständnis, die eine Person verinnerlicht hat und welche es ihr erlauben, das Engagement für physische Aktivitäten ein Leben lang zu schätzen und Verantwortung dafür zu übernehmen“².

1 : LTAD - Lëtzebuerg leeft Sport. Grundlagen, ENEPS (Ecole nationale de l'éducation physique et des sports), Ministère des Sports, COSL (Comité olympique et sportif luxembourgeois), LIHPS (Luxembourg institute for high performance in sports), Sportlycée: Luxembourg 2020.

2 : International Physical Literacy Association 2014 - Ins Deutsche übersetzt in "LTAD - Lëtzebuerg leeft Sport. Grundlagen.

Kernelemente der Physical literacy

Die Physical literacy setzt sich aus 4 Kernelemente zusammen, die untereinander verbunden sind:

a. Motivation: Egal welcher Art von Bewegungsaktivitäten der Mensch sich hingibt, grundlegend ist die Motivation. Motivation beinhaltet viele Dimensionen. Ein Aspekt, der in jedem Fall in Bezug zur „PL“ steht, ist das Selbstvertrauen. Die Motivation mitzumachen ist auf jeden Fall dann höher, wenn das Individuum selbst davon überzeugt ist, die zur Ausführung der Bewegungsaktivität nötigen Fähigkeiten zu besitzen.

b. Physische Kompetenz: Die physische Kompetenz bezieht sich auf das Vermögen des Individuums, Bewegungsfähigkeiten- und -muster zu entwickeln, sowie die Kapazität, unterschiedliche Bewegungsintensitäten und Bewegungsdauer zu durchlaufen. Die physische Kompetenz ermöglicht es einem Individuum, sich an sehr unterschiedlichen physischen Aktivitäten in unterschiedlichen Settings zu beteiligen.

c. Wissen und Verständnis: Dies beinhaltet die Fähigkeit, die Qualitäten zu bestimmen, die Bewegung beeinflussen, wie zum Beispiel den gesundheitlichen Nutzen, die angebrachten Sicherheitsvorkehrungen usw.

d. Lebenslanges Engagement in physischen Aktivitäten: Das Individuum bleibt langfristig sein Leben lang aktiv und steigert so sein Wohlbefinden.



LITERATUR

- LTAD - Lëtzebuerg leeft Sport. Grundlagen, ENEPS (Ecole nationale de l'éducation physique et des sports), Ministère des Sports, COSL (Comité olympique et sportif luxembourgeois), LIHPS (Luxembourg institute for high performance in sports), Sportlycée: Luxemburg 2020.



- Developing Physical literacy – Building a New Normal for all Canadians, Sport for Life Society, November 2019.



- World Health Organization, 2022: Sachstandsbericht Adipositas 2022 der Europäischen Region der WHO



- Long-term Development Stages - A clear path to better sport, greater health, and higher achievement, Sport for Life Society



In der non-formalen Bildung, vor allem aber auch in der Jugendarbeit, kann das Konzept der Physical literacy eine entscheidende Rolle spielen, da sie Jugendlichen ermöglicht, ein solides Fundament für lebenslange körperliche Aktivität und sportliche Beteiligung aufzubauen. Dies kann durch die Organisation von Sportcamps, Workshops zu Bewegung und Ernährung, interaktive Spiele und Wettbewerbe sowie die Einbindung von Mentoren und Vorbildern erreicht werden. Darüber hinaus bietet die „PL“ die Möglichkeit, kreative Ansätze in der Jugendarbeit zu integrieren, indem Bewegung und Sport mit anderen Bereichen wie Musik, Kunst, Natur und sozialem Engagement kombiniert werden. Dies ermöglicht es Jugendlichen, ihre körperlichen Fähigkeiten auf vielfältige Weise zu entwickeln und gleichzeitig ihre Interessen und Leidenschaften zu erkunden.

Die Physical literacy ist jedoch ein lebenslanger Prozess, der im Kleinkindalter beginnt und der abhängig vom Umfeld, der Existenz und dem Zugang zu unterschiedlichen Aktivitäten, entwickelt und ausgebaut wird. Von fundamentaler Bedeutung sind vor allem die 3 Aufbauphasen, die den Grundstein einer nachhaltigen sportlichen Entwicklung legen. Neben der ersten Aufbauphase des „Active Starts“, in der vor allem die Eltern mit dem familiären Umfeld für die ganzheitliche Entwicklung des Kindes entscheidend sind, stehen 2 weitere Aufbauphasen im Jugendalter im Fokus:

PHASE „FUNDAMENTALS“

Ziel dieser Phase ist es, bei jungen Menschen:

- Bewegungsgrundfertigkeiten in unterschiedlichen Umfeldern (an Land, im und auf dem Wasser, in der Luft usw.) aufzubauen;
- die Basis von Agilität, Balance, Koordination und Schnelligkeit zu entwickeln;
- eine positive Einstellung zur physischen Aktivität aufzubauen, indem ein Zugang zu sehr unterschiedlichen Aktivitäten und Erfahrungen ermöglicht wird.

PHASE „LEARN TO PRACTISE“


In dieser Phase geht es darum:

- Bewegungsfertigkeiten und ihre Kombinationen zu perfektionieren
- fundamentale sportliche Fertigkeiten in möglichst unterschiedlichen Sportarten zu entwickeln;
- Kraft und Ausdauer aufzubauen;
- die Flexibilität auszubauen;
- Schnelligkeit auszubauen.

"Sport erleben" beim SNJ

Mit dem pädagogischen Team „Sport erleben“ steht der SNJ als Akteur zwischen Eltern, Schule, Sportvereinen und anderen paraschulischen Angeboten (wie bspw. die LASEP) um ebenfalls einen Beitrag zur Ausbildung der Physical Literacy bei jungen Menschen zu leisten. Dies geschieht anhand non-formaler Bildungsangebote, welche sich an junge Heranwachsende richten und sich in den beiden Phasen „FUNdamentals“ und „Learn to practise“ ansiedeln. Es gilt dazu beizutragen, die Grundlage für die „PL“ zu legen, indem die Teilnehmer Spaß an der Bewegung haben (Motivation), sportliche Fertigkeiten (physische Kompetenzen) in unterschiedlichen Sportarten erlernen und ihnen grundlegende Kenntnisse (Wissen) zur Ausübung der jeweiligen Sportarten mit auf den Weg gegeben werden.

LONG-TERM DEVELOPMENT IN SPORT AND PHYSICAL ACTIVITY





Ausgewählte Aktivitäten des „erliewen“ - Angebots

Tandem

Im Rahmen unseres Angebots im Bereich Teambuilding bieten wir eine unterhaltsame Aktivität an, die Natur, Bewegung und Teambuilding kombiniert. Diese ermöglicht es den Jugendlichen, zu zweit auf einem Tandemfahrrad von A nach B zu gelangen. Damit dies gelingt, ist eine gute Kommunikation sowie gegenseitiges Vertrauen von immenser Bedeutung. Während der Tour erkennen die Jugendlichen zusätzlich, dass der stärkere Sportler allein nicht weit kommt, sondern dass das Miteinander eine viel größere Rolle spielt. Kommunikation, Vertrauen oder Verantwortung stehen hier im Vordergrund. Durch das Erlebnis zu zweit auf dem Tandem lernen sie die Bedeutung des Zusammenarbeitens kennen.

Im Verlauf der Tour werden die Rollen auf dem Fahrrad getauscht, sodass jeder Jugendliche selbst erleben kann, wie es ist, Vertrauen zu schenken und gleichzeitig Verantwortung für den anderen zu übernehmen. Beide Rollen sind von immenser Bedeutung, und wir legen Wert darauf, dass jeder Jugendliche die Möglichkeit hat, dies selbst zu erleben. Hier wird noch einmal die Wichtigkeit des Vertrauens betont.

Wie bei all unseren Aktivitäten gibt es am Ende der Tour eine Reflexionsrunde, die es den Jugendlichen ermöglicht, über das Erlebnis nachzudenken und den Übergang von dem, was sie selbst erlebt haben, zu ihrem Alltag in der Klasse, im Verein, im Freundeskreis usw. zu reflektieren.

Urban Sports

Unter "Urban Sports" versteht man Sportarten, die überall praktiziert werden können, ohne großen Aufwand betreiben zu müssen, und die es einem ermöglichen, alle Bewegungsmöglichkeiten in seiner Umgebung zu nutzen. Ähnlich wie Trendsportarten entstammen Urban Sports oft traditionellen Sportarten, deren Regeln vereinfacht und an eine Vielzahl von Situationen angepasst wurden. Im Gegensatz zu klassischen Sportarten sind diese Aktivitäten auch nicht auf ein speziell präpariertes Feld beschränkt und können beispielsweise in einem Park, auf einem Schulhof oder sogar vor einem Wohnblock gespielt werden. Dadurch, dass Urban Sports weniger strukturiert und weniger regelgebunden sind, bieten sie viele Möglichkeiten für Spontaneität und Improvisation. Immer mehr Jugendliche fühlen sich auch von Urban Sports angezogen, weil es ihnen erlaubt, sich auf ihre eigene Art und Weise auszudrücken. Sie können die Aktivitäten machen, wann, wo und wie es ihnen passt, entweder allein oder in der Gruppe. Im Rahmen des Angebots des SNJ werden folgende Aktivitäten angeboten: Disc Golf, Balancieren auf der Slackline, Roundnet (auch bekannt als "Spikeball"), Partner- und Gruppenakrobatik sowie Jonglage (mit Bällen, Flowersticks und Diabolo). Ganz im Geist von Urban Sports kann die Aktivität an dem Ort und zu der Zeit stattfinden, die sie möchten.

Zusätzliche Informationen, weitere Angebote und Anmeldung unter erliewen.snj.lu.

Présentation de GIMB

Dès 2006, pour faire face à l'augmentation du surpoids et de la sédentarité, les ministères ayant dans leur attribution l'éducation, la santé, le sport, la famille et l'intégration du Luxembourg ont lancé le plan d'action national interministériel « Gesond iessen, Méi beweegen », appelé GIMB.

Le principal objectif du GIMB est la promotion de **l'alimentation équilibrée** et de **l'activité physique** régulière et adaptée, pour un meilleur état de santé général de l'ensemble de la population.

Le GIMB collabore avec plus de 300 partenaires du secteur éducatif, sportif, restauration collective, de la personne âgée, de l'intégration, social, du milieu du travail, etc. en développant plusieurs actions, telles que :

- L'élaboration et la diffusion de recommandations pour une alimentation équilibrée et une activité physique régulière et adaptée, dans différentes situations et lieux de vie ;
- La création de supports de sensibilisation ou d'information ;
- Le développement de campagnes ;
- Présences dans des stands lors d'événements ;
- Le déploiement d'un label GIMB visant à promouvoir et soutenir (y compris financièrement) des actions de qualité des partenaires du GIMB, en faveur de l'alimentation équilibrée et de l'activité physique régulière ;
- Le développement et la diffusion de supports pédagogiques pour animer des séances éducatives ;
- L'échange et la valorisation des bonnes pratiques des professionnels lors de Journées annuelles GIMB dédiées aux partenaires ;
- Site internet **www.gimb.lu** (en FR, DE et EN) ;
- Le développement de posts sur les réseaux sociaux **www.instagram.com/gimb.lu/**.



Alimentation équilibrée pour les jeunes

Bien manger contribue à la santé et au bien-être, mais ce n'est pas toujours facile. Pour aider les jeunes à manger équilibré, voici quelques exemples de conseils :

- Consommer 5 portions de **fruits et/ou légumes** par jour, à chaque repas et en cas de petit creux ;
- Respecter le rythme des repas, en commençant par le petit-déjeuner à la maison
- Boire au moins 1,5 l d'eau par jour ;
- Avec l'assiette idéale en tête, il est facile de préparer un repas équilibré (½ légumes, ¼ féculents et ¼ protéines) :

Pour **motiver et faciliter les jeunes à mettre en œuvre** ces recommandations, diverses activités peuvent être mises en œuvre :

- Mettre à disposition les outils GIMB (brochures, outils pédagogiques, etc.) ;
- Intégrer des messages de promotion de l'alimentation équilibrée et de l'activité physique dans les outils de communication (intranet, newsletter, etc.) ;
- Organiser des réunions d'information et de formations pratiques animées par des professionnels compétents ;
- Organiser des semaines santé ;
- Mettre à disposition des corbeilles de fruits et/ou de distributeurs automatiques de produits sains ;
- Proposer des menus équilibrés ;
- Mettre en avant de l'eau, au lieu des boissons sucrées (soda, jus de fruits, etc.) ;
- Mettre à disposition des fontaines d'eau ;
- **Et bien d'autres ! L'équipe GIMB peut vous apporter un soutien pour que les actions soient adaptées à votre contexte local.**

Plus d'informations :
Le rythme des repas -
Gesond iessen -
Méi bewegen -
Luxembourg (public.lu)





L'activité physique pour les jeunes

Une activité physique régulière est recommandée à tous, en particulier aux jeunes qui deviennent de plus en plus sédentaires, notamment à travers le temps important passé devant un écran. Par définition, l'équilibre nutritionnel repose sur l'égalité des apports et des dépenses, d'où la nécessité de bouger pour dépenser.

Chez les enfants et les adolescents (de 5 à 17 ans), l'Organisation Mondiale de la Santé recommande au moins 60 minutes par jour d'activité physique d'intensité modérée à soutenue, principalement d'endurance, tout au long de la semaine. Les activités aérobiques (d'endurance) d'intensité soutenue, ainsi que celles qui renforcent les muscles et les os, sont recommandées au moins trois jours par semaine.

Etre suffisamment actif est bénéfique pour la santé, par exemple :

- En améliorant le fonctionnement du cœur et des poumons. Déjà après une courte distance de marche, on sent son cœur battre, on respire mieux, on se sent détendu ;
- En entretenant la force musculaire, la souplesse, l'équilibre, la coordination et le tonus ;
- En augmentant le capital osseux, c'est-à-dire la force de nos os ;
- En augmentant la résistance à l'effort pour lutter plus efficacement contre la fatigue ;
- En permettant également de se ressourcer lors de périodes de stress.

Voici quelques exemples d'activités permettant aux jeunes d'augmenter leur activité physique, mais aussi de réduire les comportements sédentaires :

- Choisir les escaliers et laisser tomber l'ascenseur ;
- Aller au lycée à pied ou en vélo, si c'est possible ;
- Sortir une ou deux stations avant la destination et faire le reste à pied ;
- Promener le chien. Pas de chien ? Demander à un voisin ou un ami de promener son chien ;
- Proposer aux amis une petite excursion à la piscine ;
- Bouger à plusieurs, c'est plus sympa ;
- Aller courir avec des amis dans un parc dans les alentours.

Voici quelques idées d'activités sportives à proposer ou à organiser avec les jeunes en fonction de leurs préférences :

- Pour ceux qui aiment l'esprit d'équipe : football, basket, handball, hockey, volley, etc.

- Pour ceux qui aiment se dépasser : athlétisme, cyclisme, gymnastique, natation, escalade, etc.
- Pour se mesurer à un adversaire individuellement : kendo, escrime, karaté, judo, tennis, tennis de table, etc.
- Pour allier activité physique et musique : danse contemporaine, modern-jazz, classique, hip-hop, zumba, salsa, etc.
- Pour renforcer les muscles, l'équilibre, respirer et se détendre : yoga, pilates, tai-chi-chuan, etc.
- **Et bien d'autres ! L'équipe GIMB peut vous apporter un soutien pour la mise en œuvre de vos actions locales.**

Label

Vous avez une idée de projet visant à promouvoir l'alimentation équilibrée et l'activité physique concrètement et vous avez besoin d'aide pour le mettre en place ? Demander le label GIMB !

Quelques avantages du Label GIMB :

- La mise à disposition de matériel et brochures ;
- L'opportunité d'élargir votre réseau ;
- L'accès à des informations et conseils pratiques à propos des recommandations nationales ;
- Une valorisation de vos actions ;
- Un soutien d'experts sur les aspects positifs et les points à renforcer de votre projet.

Le site gimb.lu fournit des informations plus détaillées sur les critères de demande du label.

Le GIMB défend des valeurs spécifiques dans la promotion d'une alimentation saine et de l'activité physique et c'est pour cette raison que notre comité spécialisé évalue chaque demande de label individuellement afin de s'assurer que nos valeurs sont alignées. Ensemble, nous avons plus de chances d'avoir un impact significatif sur la santé des jeunes au Luxembourg !



Rezepte aus dem Jugendhaus

Zutaten FÜR 8 - 10 PERSONEN

- 1 kg Lachs
- 2 Avocados
- 1 Paprika
- 4 Tomaten
- 400g Mais
- Sesam
- 1 kg Brokkoli
- 1 kg Sushireis
- Reisessig
- 1 Mango
- Algensalat
- Sojasauce
- 2 Frühlingszwiebeln
- 2 Zwiebeln

Poké Bowl im Jugendhaus Nidderaanwen Stil

Vorbereitung

Die Avocados schälen, entkernen und in Scheiben schneiden. Die Scheiben in eine Schüssel geben und in den Kühlschrank stellen. Die Avocados können auch zu Guacamole verarbeitet werden, falls gewünscht.

Die Mango ebenso schälen, entkernen und in Würfel schneiden.

Die Zwiebel ebenfalls schälen und würfeln.

Die Paprika in Würfel oder Streifen schneiden und die Tomaten ebenfalls würfeln.

Den Mais abschütten.

Die Frühlingszwiebeln in Scheiben schneiden.

Die Sesamkörner in einer Pfanne kurz goldbraun anrösten.

Alle Zutaten in eine eigene Schüssel geben.

Den Lachs in etwa würfelgroße Stücke schneiden und in eine Schüssel mit Sojasauce geben.

Die Schüssel ebenfalls in den Kühlschrank stellen.

Den Brokkoli schneiden.

Zubereitung

2 Töpfe bereitstellen.

In Topf 1 Sushireis mit Wasser und Reisessig geben. Doppelt so viel Wasser wie Reis in den Topf füllen. Am einfachsten lässt sich dies mit Tassen ausrechnen (1,5 Tassen Reis = 3 Tassen Wasser und 15ml Reisessig). Den Reis 15 Minuten kochen lassen, bis die ganze Flüssigkeit vom Reis aufgenommen wurde. Den Reis von der Kochplatte nehmen und mit einem Deckel ruhen lassen.

Den anderen Topf mit Wasser und Salz füllen. Sobald das Wasser kocht die Brokkolistücke für 6 – 9 Minuten im Wasser kochen, je nachdem, ob der Brokkoli härter oder weicher sein soll. Das Wasser abschütten und den Brokkoli in eine Schüssel geben.

Die Zwiebeln in einer Pfanne anbraten.

Die Zutaten auf den Tisch stellen. Pro Person etwa 100g Reis in einer eigenen Schüssel servieren. Jeder kann sich die Zutaten zu seinem Reis nehmen, die er mag. Die Pokébowl mit der Sojasauce würzen, dem Sesam und den Frühlingszwiebeln garnieren (oder mit einer anderen gewünschten Sauce). Lasst es euch schmecken!

Dieses Rezept wurde erstellt von Sophia, Diana, Elli und Grace aus dem Jugendhaus Nidderaanwen.





Smoothies à la Schëtter Jugendhaus

DAUER: 5-10 MINUTEN

Benötigte Utensilien

- (Smoothie-) Mixer
- Messer
- Zitronenpresse
- Schneidebrett
- Schäler

Zutaten Smoothie 1

- Trauben
- Bananen
- Äpfel
- Hafer
- Wasser

Zutaten Smoothie 2

- Mango
- Äpfel
- Hafer
- Saft

Zutaten Smoothie 3

- Erdbeeren
- Honig
- Bananen
- Hafer
- Milch / Haferdrink / Joghurt

Mögliche Varianten mit: Kiwi, Zitrone, Ananas, Orange, Himbeeren, Ingwer

Vorbereitung

Gewünschtes Obst, je nach Variante, vorbereiten: schälen, in kleine Stücke schneiden oder pressen. In den Mixer werfen und Wasser / Joghurt / Milch hinzugeben. Je nach Bedarf Honig hinzufügen. Eine Minute pürieren.

Je nach Konsistenz kann etwas mehr Flüssigkeit hinzugegeben werden (wenn es zu dickflüssig ist) oder mehr Obst (wenn es zu dünn ist). Danach genießen

Initiative vum SNJ

BeActive@Jugendhaus

De BeActive@Jugendhaus ass eng Initiativ, déi 2020 an d'Liewe geruff ginn ass an déi sech speziell u Jugendhaiser rücht. D'Iddi dohannert ass, fir am Kader vun der europäescher Sportswoch, déi all Joer Enn September stattfënnt, de Jonken Aktivitéiten unzébiden, déi nei an net alldeeglech fir si sinn.

Dës kënne sportlech Aktivitéite sinn, Ernärungsatelieren oder awer och ganz aner Beschäftegungen. Wichtig ass just, datt déi Jonk d'Méiglechkeet kréien, nei Saachen auszeprobéieren an interessant Erfahrungen ze maachen.

Jugendhaiser, déi matmaache wëllen, kënne sech beim SNJ mellen an da gëtt zesumme gekuckt, wat fir eng Aktivitéiten ee bei der jeeweileger Struktur oder op enger externer Plaz organiséiere kann. Déi interesséiert Jugendhaiser kënnen deemno entweder selwer no Aktivitéite sichen oder den SNJ hëlleft hinnen dobäi. Eng finanziell Ënnerstëtzung fir d'Ëmsetzung ass och potentiell méiglech.

Kontakt: lultzhausen@snj.lu

Nuit du Sport

D'Nuit du Sport fënnt säit 2009 all Joer am Mee/Juni statt an huet zum Zil, datt de Public méi aktiv a mobil gëtt. D'Visiteure kréien d'Méiglechkeet, an engem flotten a festleche Kader, nei sportlech Aktivitéiten auszeprobéieren an déi bei Interessi och duerno méi reegelméisseg ze praktizéieren.

Den SNJ koordinéiert d'Initiativ, woubäi et awer déi sëllege Partnergemenge sinn, déi um Terrain, zesumme mat hire Veräiner an Associatiounen, den Event ëmsetzen. Doduerch kréien dës och eng Plattform gebueden, fir sech ze presentéieren an am beschte Fall nei Memberen ze gewannen. Proposéiert ginn allméiglech Aktivitéite fir Kleng a Grouss, Jonk an Al - dëst ënnert der Leedung vu ville Fräiwëllegen, Traineren an erfuerene Persounen. Bei den Offere kann all Gemeng kreativ sinn, esou datt net nëmme Sportarten, mee och Ernärungsatelieren a Workshops fir Kanner bis hin zu Concerten a Shows ugebuede ginn.

Méi Informatiounen: www.nuitdusport.lu

Datum: 8. Juni 2024 a ville Gemengen am ganze Land

Les dates à ne pas manquer!

Il vous manque une date importante? Contactez-nous : info@youth.lu



05.06.24

Workshop « Les jeunes, leurs droits, leur participation, leur protection – vous y contribuez! »

Dës validéiert Formatioun gëtt gehale vum Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher a riicht sech u Jugendaarbechter déi méi iwwer Kanner- a Jugendrechter wëlle gewuer ginn.

Méi Informatiounen an Umeldung:
www.okaju.lu




08.06.24

Nuit du Sport

Loscht, nei Sportarten an engem méi aussergewöhnleche Kader kennenzelieren? Da maach mat bei der Nuit du Sport 2024. Dës Kéier nees an iwwer 40 Gemengen uechtert d'ganzt Land.

Méi Informatiounen:
www.nuitdusport.lu




09.06.24

Naturerlebnisntag Huelmes

Entdekt op engem ofwieslungsräiche Parcours déi villfälteg Natur ronderëm Huelmes. Een Erlebnis fir Kleng a Grouss.

Méi Informatiounen:
snj.lu/natour






15.06.24

Portes ouvertes Jugendhaiser

Toutes les maisons des jeunes au Luxembourg ouvrent leurs portes, de 14h00 à 18h00, pour vous accueillir et vous faire connaître leurs offres. Tous sont bienvenus, enfants, jeunes et adultes, pour venir visiter les locaux, rencontrer les professionnels, découvrir les activités et se familiariser avec le concept éducatif.

Plus d'informations: <https://youthdays.lu/>



03.07.24

National Konferenz zur non-formaler Bildung am Jugendberäich 2024

Dëst Joer steet d'Konferenz ënnert dem Thema "Jonker staark maachen, exzessiivt Verhale bremsen – Preventioun am non-formale Jugendberäich". Treffpunkt ass den 3. Juli vun 9h00 – 12h30, um Siège vun der FNEL um Cents (61a, rue de Trèves, 2630 Luxembourg)

Umeldung: <https://www.snj.public.lu/konferenz24/>



10.07.24

Journée d'Introduction "Animateur spécialisé"

Den SNJ sicht d'ganz Joer iwwer nei Animateurs spécialisés fir d'Aktivitéiten an de verschiddenen Zentren ze encadréieren. Den éischte Schrëtt ass d'Participatioun un eiser Journée d'intro.

Méi Informatiounen an Umeldung:
snj-erliewen.lu



15.09.24

Kommt all an de Mariendall

Kommt alleguer an de Mariendall an entdeckt dësen eemolege Site mat senge ville Facetten an Aktivitéiten. E Fest fir déi ganz Famill mat engem villsäitege Programm (10h00 bis 16h00). Fir lessen a Gedrénks ass natierlech gesuergt!



21.09.24

OnStéitsch

De Rendez-vous fir all Musek- an Danzliebhaber. Dëst Joer mat enger flotter Konschtausstellung an Zesummenaarbecht mat der JuKoWo. Kommt all an d'Rotonden fir iech déi Hellewull u jonke Kënschter unzelauschten an -zekucken.

Line-up a weider Informatiounen:
onsteitsch.lu



01.10.24

Foire vun der Jugendaarbecht

De Rendez-vous fir all d'Jugendaarbechter zu Lëtzebuerg. Vun 9.00 – 12.00 kritt dir am Forum Geesseknäppchen all déi neisten Informatiounen aus dem Secteur. Op ronn 40 Stänn kënnt dir nei Projeten an Organisatiounen entdecken.

Umeldung: <https://www.snj.public.lu/foire-vun-der-jugendaarbecht-2024/>



Suivez-nous sur les réseaux sociaux
pour avoir les dernières
informations !

: @snj.lu

: @snj_luxembourg

E Kaffi an der Base nautique

Den "E Kaffi am..." ass den 12. Mäerz 2024 a seng 5. Ronn gaangen. Op dësem Networkingevent fir de Lëtzebuerger Jugendsecteur, organiséiert vum Service national de la jeunesse an Zesummenaarbecht mat senger Partner, sinn op deem Mueren eng 50 Professioneller aus dem Secteur an der Base nautique Lultzhausen zesummekomm fir sech iwwer Iddien an Offeren auszetauschen. De géigesäitege Wëssensaustausch an d'Vernetzung vun allen Acteuren ass eent vun de primären Ziler vun dëser Austauschserie.



Den Trend geet leider an eng ganz aner Richtung, wéi och verschidden national an international Studie weisen. Dowéinst ass jidderee gefuerdert eng Virbildfunktoun anzehuelen a mam "gesonde" Beispill virzegoen.



'Beweeegung an déi gesond Ernährung waren déi 2 grouss Theemen, ënnert deenen dës Editioun ofgehal gëtt. Getrei dem Motto "Sport erliewen", huet déi Lëlzer Ekip sech an hir Aktivitéiten bei enger interaktiver Visite guidée vum Site virgestallt. D'Ballsschoul Lëtzebuerg vum INAPS an de CDV (Centre pour le Développement des compétences relatives à la vue) hunn de Participante bei hire praktesche Workshops gewisen, wéi hiren Alldag ausgesäit. Grondleeënd ass et den Acteuren dorëms gaangen, ze vermëttelen, dass regelméisseg Beweeegung ganz natierlech zu engem gesonde Liewensstil gehéiert a jiddereen déi nämmelecht Méiglechkeeten soll hunn, fir matzemaachen.

Weideren Input zu den Theeme vum Event gouf et a Form vu kuerze Presentatiounen. De Sport-Krees-Atert huet op déi allgemeng Bedeitung vun der Beweeegung an de ganzheetleche Volet vum Konzept "LTAD - Lëtzebuerg leeft Sport" higewisen. De Ranger vum Naturpark Öwersauer huet op déi villsäiteg Beweeegungsméiglechkeeten an der Natur an den Offere vu senge Partnergemengen opmierksam gemaach. De Vertrieeder vum Gesondheitsministère ass op d'Ziler vum GIMB, der "Gesond iessen, méi beweegen"-Campagne agaan: D'Campagne, déi scho säit 2006 leeft, erméiglecht duerch d'Verdeele vum GIMB-Label, Projeten am Gesondheitsberäich finanziell ze ënnerstëtzen an ze promovéieren. Liest méi dozou op de Säiten 8 an 9 vun dësem Youthmag.

Virum Ofschloss konnt ee sech bei enger gemittelter Kaffisronn besser kenneléieren an austauschen. Beim Catering gouf och op eng méi sportlech an nohalteg Ëmsetzung



Wäert geluecht, duerch d'Organisatioun vun engem Anti-Gaspi-Event, lokalem Bio-Uebst, Wonnerbar-Rigele vun ATP an engem speziellen Téiassortiment vum Téi vum Séi.

Och elo nom Event, kann d'Zesummespill vun der Beweeegung an der gesonder Ernährung net oft genuch betount ginn. Et wäert weiderhin e groussen Challenge bleiwen, fir déi ganz Bevëlkerung iwwert d'Bedeitung vun engem ausgeglachene Liewensstil ze sensibiliséieren. Den Trend geet leider an eng ganz aner Richtung, wéi och verschidden national an international Studie weisen. Dowéinst ass jidderee gefuerdert, eng Virbildfunktoun anzehuelen a mam "gesonde" Beispill virzegoen. Et ass ni ze spéit, seng Gewunnechten ze änneren an all Moment bitt eng nei Geleeënheet, fir dëst unzegoen.

Parkour

De moderne Parkour, sou wéi mir en haut kennen, gouf vum Fransous David Belle ab dem Enn vun den 1980er Jore geprägt. Inspiréiert gouf hien dobäi awer vu sengem Papp Raymond, deen an de 50er Jore Schüler an engem franséische Militärinternat fir Weesekanner am Vietnam war. Do huet hie vill Zäit op Hindernisparcours verbruecht, fir sech esou op allméiglech Situatiounen, am reguläre Liewe mee och während engem potentielle Militärasaz, virzebereeden. Ufank vum 20. Joerhonnert goufen et mat der "Méthode naturelle" an dem "Natürlichen Turnen" awer scho Konzepter mat änlechen Ziler, un deenen de Raymond Belle sech och inspiréiert huet.

Am Géigesaz zu traditionelle Sportaarte steet beim Parkour net de Konkurrenzkampf am Vierdergrond, ma vill méi d'Erléiere vun Techniken, déi engem och am alldeegleche Liewen ze gutt kommen. "Être fort pour être utile" ward' Devise vum Georges Hébert, dem Begrënner vun der "Méthode naturelle", an dës ass och haut nach wäit verbreet an der Zeen. Grondsätzlech geet et ëm d'Zesummespill vu Kraaft, Konditioun, Balance a Koordinatioun fir esou méiglechst effizient vu Punkt A op Punkt B ze kommen. All Mënsch huet dobäi aner Viraussetzungen, Méiglechkeeten a Limitatiounen an d'Zil ass fir dat Bescht aus sech selwer erauszehuelen. Doraus leet sech dann och een zweet wichtegt Leitmotiv vum Parkour of: "Become the best version of yourself".

Positiv ass och, datt ee weder eng deier Ausrüstung brauch nach un eng spezifesch Plaz gebonnen ass. Parkour kann ee grondsätzlech ëmmer an iwwerall maachen, eleng oder am Grupp.



Varianten

CHASE TAG

Eng verschäerfte Versioun vu Fänkches, sou kéint een Chase Tag kuerz a knapp beschreiwen. Am Géigesaz zum traditionellen Fänkches, dee mir wuel alleguer als Kand gespillt hunn, gëtt dësen awer gemenkerhand op engem ofgegrenzte Spillfeld mat diversen Hindernisser gespillt. Och hei muss een sech méiglechst schnell a geschéckt duerch de Parcours beweegen, fir entweder net gefaang ze ginn oder awer de Géigespieler mat der Hand ofzeklappen.

D'Kaizen Parkour Academy huet Enn 2023 deen éischten Chase Tag Event zu Lëtzebuerg organiséiert an et wäert sécherlech net bei dëser Editioun bleiwen. Et gi souguer international Competitiounen a Meeschterschaften, organiséiert vum "World Chase Tag", déi zum Deel e ganz grouse Public unzéien.



Wéi spannend an opregend dat ka sinn, gesitt dir hei:

FREERUNNING

Geet et beim Parkour virun allem drëm, méiglechst schnell an effizient vun A op B ze kommen, geet et beim Freerunning virun allem drëm, dëst op eng méiglechst artistesch a spektakulär Aart a Weis ze maachen. Sou ginn hei verschiddenst akrobatesch Elementer wéi Flips, Schrauwen asw. an ee "Run" agebaut.

Mam Lynn Jung gëtt et och eng ganz bekannte lëtzeburgeresch Freerunnerin, déi sech international well een Numm gemaach huet. 2016 konnt si beispillsweis déi ganz renommiert "Art in Motion" Competitioun op Santorini gewinnen.



Parkour zu Lëtzebuerg



KAIZEN PARKOUR ACADEMY (KPA)

Kaizen Parkour Academy (KPA) ass aktuell de wuel gréissten an aktivste Parkour-Veräin zu Lëtzebuerg. Ugefaangen hu si viru ronn 10 Joer als Sektoun vum Réimecher Turnveräin, iert si dun 2020 een eegestännege Veräi gegrënnt hunn. Iwwert d'Joer ass den Interessi un hirer Offer ëmmer méi grouss ginn an de Moment hu si eng ronn 100 aktiv Memberen. Eng ganz Rei dovunner kommen aus de Gemenge Réimech a Schengen, grad och aus dem Schengener Lycée, ma net nëmmen. Well et net vill aner, vergläichbar Offere ginn, kommen och vill Jonker vu méi wäit.

Och wann et sech em eng relativ jonk Sportaart handelt, läit de Verantwortleche vill drun eng qualitativ héichwäerteg Offer unzibidden. Hir sechs Coachen, déi zum groussen Deel säit längerem am Veräin engagéiert sinn, hunn dofir och alleguer eng spezifesch Trainerformatioun gemaach. Bis ewell konnt een dës just am Ausland maachen, woubäi ab deem Joer och zu Lëtzebuerg een Trainerschäi fir Parkour wäert ugebuede ginn.

Déi regulär Trainingsoffere riichte sech u Kanner ab 8 Joer an ënnerdeele sech a verschidden Niveauen, vu Beginners iwwer Intermediate bis Advanced. Säit deem Februar gëtt et awer och eng Offer fir Leit ab 30. Do dernieft ass et méiglech als Grupp eng Aktivitéit "sur mesure" ze maachen. De leschte Summer hunn d'Jugendhaiser Nidderaanwen, Mutfert a Jugendwave genau dat gemaach an déi Jonk waren immens begeeschtert.

"Mir huet d'Aktivitéit mega vill Spaass gemaach. Ufanks war ech mir net sou sécher, ob ech iwwerhaupt eppes maachen oder ausprobéieren, well ech zimmlech vill Respekt virun de Maueren hat. Mee mat der Zäit ass et ëmmer besser gaangen an d'Grupp war och mega cool, well jidderee sech géigesäiteg gehollef huet. D'Übunge goufen och gutt vun den Trainere gewisen an erklärt. Et war eng mega cool Erfahrung! :)"

Emma

Méi Informatiounen: <https://www.kaizenparkouracademy.lu>
Instagram: @kaizenparkouracademy



"Ech hu matgemaach, well ech Parkour schon oft am Internet gesinn hunn an ech fonnt hunn, dass et eng cool Aktivitéit wär an och mol eppes Neies. Dat war och eng gutt Erfahrung an op alle Fall ganz cool an ustrengend. Ustrengend net just physisch mee och mental, well ee sech ëmmer rëm iwwerwannen a seng Grenzen aschätze misst."

Rémy

NO OBSTACLE – PARKOUR IN LUXEMBOURG CITY



Bidden Traineren an der Stad fir verschidden Alterskategorien. Newcomer tëscht 12 an 18 Joer trainéieren all Dënschden an der Sportshal am Rollengergronn. Fir déi méi Erfueren ab 16 Joer fënnt Donneschdes, an a ronderem d'Hal um Cents, een Training statt.


Méi Informatiounen: <https://obstacle.lu/>

SKATE & PARKOURPARK RÉIMECH

Säit Enn 2018 gëtt et zu Réimech ee Skate- a Parkourpark, deen an där Form eenzegaarteg zu Lëtzebuerg ass. Déi Jonk aus der Gemeng an d'Responsabel vu KPA ware vun Ufank un an d'Planung agebonnen, sou datt de Park um Enn och hire Bedierfnisser entsprach huet.

Location: Direkt nieft dem Jugendhaus (Jugendwave), dem Fußballsterrain an der oppener Schwemm zu Réimech / 4, route du Vin

Öffnungszeiten: D'ganzt Joer iwwer, sou wéi d'Wieder et zouléisst



De “mOKa”

De Moosnamekatalog, kuerz **mOKa**, ass eng Sichmaschinn, déi iwwer 600 Hëllefsmesurë vu ronn 200 Organisatiounen regroupéiert. Et soll eng Ressource fir Professioneller sinn, déi mat Jonken tëscht 12 an 30 Joer schaffen, virun allem mat sougenannten NEET's (Not in Education, Employment or Training).

Zilsetzung

Och wann de Fokus op Jonke läit, déi weder an der Schoul sinn, nach schaffen, eng Ausbildung maachen oder studéieren, sinn natierlech och déi viséiert, di riskéieren a sou eng Situatioun ze kommen. Mam **mOKa** gëtt eng Méiglechkeet gebueden, mam Jonke méi geziilt eng passend Hëllef ze fannen an hien esou weider ze guidéieren. Besteeënd Moossnamen an Offere, ouni Komma kënnen duerch d'Plattform méi bekannt gemaach ginn, an och fir d'Prestatairë besteet d'Méiglechkeet, sech besser mateneen ze vernetzen. Manner bekannten Offeren an Organisatioune gewannen duerch de **mOKa** deemno u Visibilitéit.

Déi praktesch Notzung

Op Basis vu verschiddene Risikofacturen (cf. Infobox), déi dozou féiere kënnen, datt ee Jonke geziilt Hëllef brauch, goufe fënnef Haaptkategorien definéiert, no deenen den Utilisateur d'Offere ka filteren: *Bildung, Ausbildung, Beruff / Spezifische Förderungsbedarf / Soziales, Famill a Gesellschaft / Liewensstandard a Materielles / Gesondheet*. Dës Kategorië sti fir de Schwéierpunkt vun enger Offer, woubäi een uschléissend awer och nach kann Zousazziler auswählen.

Sicht ee beispillsweis no Offeren, déi een engem Jonke ka proposéieren, dee grad d'Schoul ofgebrach huet an elo op der Sich no enger Aarbecht ass, wielt een d'Kategorie "Bildung, Ausbildung, Beruff" aus. Fir eng méi nuancéiert Recherche kann een dann nach Zousazziler wéi "Sprooch léieren/verbesseren", "Ausbildung, Unerkennung vun Diplomer", "Zousazqualifikatiounen / Weiterbildung / praktesch Erfarunge fir den Aarbechtmarché", asw. definéieren. Doriwwer eraus kann een awer och nach aner Filtere setzen, wéi zum Beispill op d'Form (Individualbetreuung, Onlinebetreuung, ...) vun der Offer oder awer den Alter vum betraffene Jonken. Munch Offeren hunn nämlech eng Alterslimite, sief et no ennen an/oder no uewen.

De **mOKa** ass eng dynamesch Sichmaschinn, wat bedeit, datt wann een eppes ugeklickt huet, een zäitgläich scho Resultater ugewise kritt, ouni, datt een nach e weidere "Klick" maache muss. D'Consultatioun vum **mOKa** ass an enger éischter Phas iwwert PC an Tablett méiglech.

Et goufe fënnef Haaptkategorien definéiert, no deenen den Utilisateur d'Offere ka filteren:

- ✓ **Bildung, Ausbildung, Beruff**
- ✓ **Spezifische Förderungsbedarf**
- ✓ **Soziales, Famill a Gesellschaft**
- ✓ **Liewensstandard a Materielles**
- ✓ **Gesondheet**

Informationen

Fir ofzeschätzen, wéi aktuell d'Mesure ass, gesäit een, weini se validéiert a wéini de leschten Update vun der Organisation/Struktur virgeholl ginn ass. Ënnert der Rubrik Kontaktdate fënnt een Detailer zur Plaz vun der Offer, Telefonsnummer, Mailadress oder Öffnungszäiten, falls dës Donnéeë kommunizéiert gi sinn. Doriwwer eraus ginn et awer och nach méi detailléiert Informationen zu de Schwéierpunkten an den Zilsetzungen.

Ënnert dem Numm vun all Offer fënnt een och direkt een Hiweis zu den Zougangsberechtigungen, déi dofir gëllen - kann dee Jonke sech selwer an direkt beim concernéierte Prestataire oder enger Struktur mellen oder muss d'Demande iwwer eng bestëmmten Organisatioun lafen? Mat dëser Information soll enner anerem verhënnert ginn, datt ee Jonke selwer Demarchen ënnerrhëlt, déi herno zu kengem positive Resultat, a schlëmmer nach, zu Frustratioune féieren.

D'Plattform ass ab Enn Mee/Ufank Juni ënnert www.moka.lu ze erreechen.

RISIKOFACTUREN, DÉI DOZOU FÉIERE KËNNEN, DATT EE JONKE MÉI GEZIILT HËLLEF BRAUCH?

Dat geet, fir der just e puer ze nennen, vun engem niddrege Bildungsniveau, gerénge kognitive Kapazitéiten, schlechter Sproochebeherrschung iwwer familiär Verpflichtungen, schwéier Familljeverhältnisse, negativen Afloss vun der Peer-Grupp bis hin zu Risikoverhalen, prekäre Wunnverhältnisse, gesondheetleche Problemer oder och Diskriminéierung.



BookAthon

Vu Jonker fir Kanner

Wat ass de BookAthon?

De BookAthon ass e Projet vu Jonker fir Kanner. Jonk Kreativer tèschent 14 a 27 Joer produzéiere Bicher fir Kanner vun 0 bis 4 Joer – an dat bannent engem 24-Stonnen-Hackathon.

Inspiréiert ass de Projet um südafrikanesche Projet Book Dash (<https://bookdash.org/>), deem elo schonn iwwer 100 méisproocheg Bicher produzéiert a verdeelt huet. Beim Book Dash schaffe Professioneller iwwer 12 Stonnen un de Bicher.

Beim BookAthon sinn et 30 Jugendlecher, déi d'Bicher iwwer 3 Deeg kreéieren. An 10 Gruppen entstinn 10 dräisproocheg Bicher. De "Storyteller" ass zoustänneg fir d'Schreiw vum der Geschicht, den "Illustrator" mëscht d'Illustratiounen, an de "Graphic Designer" ass fir de Layout vum Buch zoustänneg. Ënnerstëtzt gi si vu professionelle Kannerbuchautor:innen, Illustratör:innen a Graphik-Designer:innen.



Wéi war déi 1. Editioun?

30 Jonker hunn dësen Challenge am November 2023 ugeholl. Aus iwwer 60 Kandidature goufe si vun enger Expertejury erausgesicht. Jee no Rôle, dee si iwwerhuele wollten, hate si eng Iddi fir eng Geschicht, Illustratiounen oder en Design vun engem Kannerbuch erageschéckt.

Lass gaangen ass et de 14. Oktober mat engem Kick-off Event am BASE1 Makerspace am Forum Geesseknäppchen. Hei hu sech déi Jonk kennegeléiert, hir 3-er-Ekippen ausgewielt a si krute Workshops iwwer Schreiwen, Illustréieren a Graphik-Design vu Kannerbicher.

De BookAthon selwer war du vum 2. bis 4. November am Forum Geesseknäppchen. Iwwer 3 Deeg hunn d'Ekippen hiert eegent Kannerbuch a 24 Stonne kreéiert.





Dono sinn d'Bicher an de Print gaangen an am Dezember goufen iwwer 10 000 Bicher un all d'Crëchen an Dageselteren zu Lëtzebuerg verschéckt. Op engem Ofschlossevent konnten déi Jonk dunn och hiert eegent Kannerbuch am Grapp halen a mat heem huelen.





Wéini ass déi nächst Editioun?

Nom groussen Erfolleg vun der 1. Editioun, wäert déi nächst Editioun vum 28. bis 30. Oktober 2024 stattfannen. D'Kick-off Event ass den 19. Oktober am Forum Geesseknäppchen. Umelle kann ee sech bis den 30. September 2024. Fir méi iwwer de Projet gewuer ze ginn, d'Bicher ze kucken oder fir sech deemnächst vläicht selwer als "Storyteller", "Illustrator" oder "Graphic-Designer" unzemellen, besicht eis op www.bookathon.lu.



Centre Cinqfontaines

RAPPORT D'ACTIVITÉ

Den Zenter ass elo säit gutt zwee Joer op an an där Zäit huet souwuel den SNJ wéi och den ZpB vill Aarbecht geleescht, fir eng interessant Offer zu den Themen "Mënscherechter erliewen" an "Mémoire à la Shoah" op d'Been ze stellen. Fir sech e besseren Iwwerbléck doriwwer ze verschaffen, hu mir fir d'Joer 2023 een éischte Rapport d'activité erausbruecht.

Dir fannt dësen hei:



RUNDGANG FÜNFBRUNNEN

An all sengen Zentren huet den SNJ den Usproch sou inklusiv wéi méiglech ze sinn. Bedéngt duerch d'Thematik vun de Mënscherechter probéiere mir zu Cinqfontaines dësem awer nach méi gerecht ze ginn. Souwuel de "Parcours virtuel" wéi och déi dozou passend Broschür sinn dofir elo och a liichter Sprooch disponibel:



Parcours virtuel:



Broschür:



BEE SECURE

BEE SECURE RADAR 2024

Déi drëtt Editioun vum Rapport "BEE SECURE Radar" gouf am Kader vum Safer Internet Day 2024 presentéiert a bezitt sech op Erkenntnisser, déi am Schouljoer 2022/23 gewonne goufen. D'Zil vum Rapport ass et, fir iwwer aktuell Tendenzen am Besuch op d'Notzung vun den "technologies de l'information et de la communication" (TIC) ze informéieren. En enthält d'Äntwerte vun 286 Kanner a Jonken tëscht 12 an 30 Joer, 500 Eltere vu Kanner a Jonken tëscht 3 a 16 Joer an awer och vun 123 Enseignantinnen an Educateuren.

Déi aktuell Editioun, wéi och déi zwou éischt, fannt dir ënnert dësem Link:



Du hues tëschent 16 an 30 Joer ?

Du bass net méi Schüler oder Student a schaffs nach net? Du wëlls denger aktueller Liewensphase en neien Elan ginn? Du wëlls nei Liewenserfahrungen maachen?


Dann ass de Fräiwëllegendéngscht genee dat Richtegt fir dech.



Ech kommen zeréck mat villen neien Erfahrungen am Gepäck


Den SNJ begleitet dech op all den Etappen

Gëff och du Volontaire



Ech, Fräiwëlleg?

Ech informéiere mech bei engem Agent vum SNJ, an enger Info-Sessioun oder op volontaires.lu



Fann deng Missioun

Ech sichen eng Missioun zu Lëtzebuerg oder am Ausland op volontaires.lu/missions



Lief däin Engagement

Ech bereede mech op meng Missioun vir an huelen un de Formatiounen deel.
Ech engagéiere mech.

BOOKATHON

28.-30.10.2024

KICK-OFF EVENT 19.10.2024

WÉLLS DU DÄI KREATIIVT TALENT ASETZEN FIR
ZESUMMEN A 24H KANNERBICHER ZE PRODUZÉIEREN ?
DA MAACH MAT BEIM BOOKATHON !

MIR SICHEN

10 STORYTELLER, 10 ILLUSTRATOR, 10 GRAPHIC DESIGNER

AM ALTER TËSCHENT 14 AN 27 JOER

MIR
SICHEN
DECH



Service national
de la jeunesse

ASCHREIWUNG:

